


# SYN ER GIE

Februar 2021 / n°60

De Regionalmagazin Atert-Wark vum Kanton Réiden



Syndicat Intercommunal  
"De Réidener Kanton"



## Une fiabilité à toute épreuve



- Comptabilité, gestion comptable, comptes annuels, déclarations fiscales
- Traitement des salaires, secrétariat social et droit du travail
- Démarches administratives, demandes de subventions et d'aides de l'état
- Déclaration sur le revenu des personnes physiques
- Création ou reprise d'entreprises
- Conseil fiscal



**Fiduciaire  
interrégionale s.a.**  
fiduciaire comptable

14, Haaptstrooss  
L-8720 Rippweiler

t + 352 23 62 33-1  
f + 352 23 62 33-29

fiin@pt.lu  
fiduciaire-interregionale.lu

# INTER TOITURE

## LA TRADITION DU SUR-MESURE

32i, rue de Niederpallen . Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu . www.intertoiture.lu



MAISONS ÉCOLOGIQUES EN BOIS . CHARPENTE . FERBLANTERIE . COUVERTURE . ISOLATION THERMIQUE . RÉPARATIONS DE TOUS GENRES

# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

Rédaction, direction artistique,  
illustration, mise en page  
& suivi de production  
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable  
Art & Wise s.à r.l.

Impression  
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements  
& réservations  
T 23 62 43-20  
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute  
reproduction, ou traduction,  
intégrale ou partielle, est  
strictement interdite sans  
autorisation écrite au  
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution  
Avril 2020

Clôture annonce  
mi-mars 2020

Tirage  
12.290 exemplaires

Magazine régional d'information  
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.  
en collaboration avec le Syndicat  
Intercommunal du canton de  
Redange et le Groupe d'Action  
Locale Leader Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le  
développement rural: l'Europe  
investit dans les zones rurales.

2 **GRUPPE BEITRETEN:  
DIGIMAART WËLLE  
WESTEN**

4 **WËI STEET ET ËM  
EIST KLIMA?**

10 **VERKAF VU LOKALE  
LIEWENSMËTTEL AM  
RÉIDENER KANTON**



12 **PORTRAIT  
CLAUDE LOUTSCH  
SCHWÉNGEFLEESCH VUM  
HUEWELER FIERKELSHAFF**



14 **MÄERZEG, ÉISCHT  
„GWÖ-GEMENG“  
ZU LËTZEBUERG**

18 **MIKRO-PROJEKT  
„FAMILLJESTUFF“**

20 **GEWÄSSERVERTRAG  
ATTERT / CONTRAT  
INSEKTEN EINFACH  
ONERSETZLECH**




24 **DAS NATURA 2000 GEBIET  
VALLÉE DE L'ATTERT**

28 **LE CHAUFFAGE  
AUX PELLETS  
2<sup>e</sup> PARTIE –  
LA CHAUDIÈRE**



34 **CUBE 521**

35 **AGENDA**



#### Über diese Gruppe

Dëst ass eng Kontakt-Plattform fir Produzenten a Konsumenten aus dem Réidener Kanton. D'Produzenten kënnen hier Liewensmëttel-Produkter hei post... [Mehr ansehen](#)

- Privat**  
Nur Mitglieder können die anderen Mitglieder der Gruppe und ihre Beiträge sehen.
- Sichtbar**  
Jeder kann diese Gruppe finden.
- Gruppe des Typs „Allgemeines“**
- Verlauf**  
Gruppe wurde am 8. Februar 2021 erstellt. [Mehr ansehen](#)

# GRUPPE BEITRETEN: DIGIMAART WËLLE WESTEN

Handelsplattform fir lokal Liewensmëttel am Kanton Réiden

 /digimaartwëllewesten

D'Iddi ass sou einfach ewéi Bonjour an e grouse Succès a Skandinavien: D'Reko-Ringe op Facebook. Dat si privat Gruppen, déi als regional Kontaktplattform tëscht Konsumenten a Produzenten dengen. D'Liewensmëttel aus der Regioun gi séier visibel a kënnen ouni Zwëschhandel direkt beim Hiersteller, zum Beispill beim Bauer, Geméisgärtner oder Imker kaf ginn. Eng Aktioun, déi ville klenge Betreiber bei der Direktvermarktung op d'Spréng gehollef huet.

#### Wéi funktionéiert d'Vente?

- D'Produzente posten e Produkt wat disponibel ass.
- De Client kommentéiert dee Post via Message un de Produzent, a seet Bescheid wat, a wéi vill en hëlt.

- De Produzent bestätegt d'Bestellung.
- Béd Partien eeneg sech via PM (Private Message) iwwert d'Method vum bezuelen (Digicash, Virement oder Cash), an iwwer d'Plaz/Zäitpunkt vum Ofhuelen.
- All d'Bestellungen si verbindlech an d'Wuere mussen zu enger ofgemaachter Zäit ofgehol ginn.
- D'Facebook-Grupp erlaabt keng Diskussiounen oder Posts vu Konsumenten, just d'Poste vun de Produzenten hiren ugbuede Produkter. Clientë kënnen awer via PM (Messenger, Telefon oder Mail) hir Froen un de Produzent stellen. D'Grupp konzentréiert sech reng op d'Vente.



**Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“**

Maison Worré  
11, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert  
T +352 26 62 08 01 22  
shoplocal@reidener-kanton.lu  
www.reidener-kanton.lu

### D'Richtlinie fir d'Produzenten:

- All d'Posts fänken u mat engem Datum, enger genauer Beschreibung wat et ass. Beispill:  
Samschden, 18 März 8h-14h zu Réiden um Parking vum Metzler Mathieu: D'Kooperativ Vun der Atert verkeeft 20 Colise Rendsfleisch à 6 kg, Präis: 143,34 € pro Colis. Bestellungen ginn uegholl bis spéidstens den Enn Februar.
- D'Annonce kann och kuerz de Btrib/d'Geschäft, de Produktiounsprozess, d'Etiquettierung ewéi Inhaltsstoffe & Allergenen, d'Zertifizierungen, etc ... beschreiwen oder verweisen op hiere Site.
- All Kéiers ee Post pro Produzent a Produkt.
- T'ass d'Verantwortung an d'Flicht vum Produzent an Hiersteller, d'Hygienesgesetzter ze respektieren an och eng Handelermächtigung ze hunn.
- D'Grupp erlaabt nëmme de Verkaf vu Produiten a Nieweprodukter, déi vum Produzent selwer hiergestallt goufen. Beispill:  
Fleesch a Fëschproduiten, Mëllech, Beiwuuss, Hunneg, Jong-planzen, Uebst, Geméis, Gebeess, Drëppen, ...

### ZIL

Bei Reko-Ringe geet et ausschliesslech nëmme drëm de Kontakt tëscht Produzenten a Konsumenten hierzstellen a suergen fir eng gewësse Struktur an Uerdnung an der Grupp. Selbstverständlich huelen si sech och d'Recht Leit erauszepuchen, déi sech nitt un d'Richtlinien an un d'Nettiquette halen.



**Mir fannen d'Iddi vun esou engem Grupp zimmlech cool a sinn der Meenung, datt mir dat mol hei am Kanton testen: Gruppe beitreten? Rdv op Facebook - „Digimaart Wëlle Westen“. A sollt dës Aktioun en Erfolleg ginn, da kéint ee sech och e reelle grouse Regionalmaart virstellen ...**

## Rejoindre ce groupe: Digimaart Wëlle Westen Plateforme d'échange de produits locaux dans le Canton de Redange

L'idée est aussi simple que bonjour et est un énorme succès en Scandinavie: le Reko-Ringe sur Facebook. Ce sont des groupes privés qui servent de plate-forme régionale de contact entre les consommateurs et les producteurs. Les produits locaux sont immédiatement visibles et peuvent être achetés directement auprès du producteur sans aucun intermédiaire, par exemple auprès de l'agriculteur, du maraîcher ou de l'apiculteur. Une action qui a aidé de nombreuses petites entreprises à se positionner dans le marketing direct.

### Comment fonctionne la vente?

- Les producteurs publient un produit disponible dans le groupe.
- Le client indique ce qu'il lui faut par message ou par mail.
- Le producteur confirme la commande.
- Les deux parties se mettent d'accord via PM (Message privé) sur le mode de paiement (Digicash, virement bancaire ou espèces), et sur le lieu / l'heure de la collecte.
- Toutes les commandes sont fermes et les marchandises doivent être récupérées à l'heure convenue.
- Le groupe Facebook n'autorise pas les discussions ou les posts des consommateurs, uniquement les posts des producteurs proposant leurs produits. Les clients peuvent cependant poser des questions aux producteurs via PM (messenger, téléphone ou mail). Le groupe se limite uniquement sur les ventes.


### Directives aux producteurs:

- Tous les posts commencent par une date et une description exacte (produit - prix - quantités). Exemple:  
Samedi 18 mars de 8h à 14h à Redange au parking de la boucherie Mathieu: La coopérative Vun der Atert vend 20 colis de 6 kg de bœuf, prix: 143,34 € le colis. Les commandes sont acceptées jusqu'à fin avril au plus tard.
- L'annonce peut également décrire brièvement l'entreprise, le processus de production, l'étiquetage (ingrédients et allergènes), les certifications, etc. Ou faire référence sur leur site.
- Un article par producteur et par produit à la fois.
- Il est de la responsabilité et de l'obligation du producteur de respecter les lois d'hygiène et d'avoir une autorisation de commerce / d'établissement.
- Le groupe n'autorise que la vente de produits et sous-produits fabriqués par le producteur lui-même. Exemple: viande et poisson, lait, cire d'abeille, miel, plantes, fruits, légumes, confiture, gouttes, ...

### Objectif

Dans le groupe Reko-Ringe, le seul objectif est de maintenir le contact entre les producteurs et les consommateurs et de garantir un certain ordre au sein du groupe. Bien sûr, les administrateurs du groupe ont également le droit d'expulser les personnes n'adhérant pas aux directives ou ceux qui sont impolis.

**Nous trouvons l'idée d'un tel groupe très chouette et sommes d'avis que nous devons la tester dans notre canton: Rejoindre ce groupe? Rdv sur Facebook - „Digimaart Wëlle Westen“. Et si cette action est un succès, on pourrait aussi imaginer un marché régional réel.**




# WÉI STEET ET ËM EIST KLIMA?

## Een Hëtzes-Rekord nom aneren

Och wa mir dëse Wanter mol rëm eng Kéier richtege Schnei haten, täuscht dëst net driwwer ewech, dass 2020 dat wärmste Joer war säit der éischter Opzeechnung 1838 zu Lëtzebuerg (Grafik: Dr. A. Ferrone, ASTA). Di 10 wärmste Jore säit 1838 waren all no 2000. Di leschten 30-Joresperiod (1991-2020) läit elo schonn 1,6° C iwwert der vir-industrieller Period (1861-1890).

## Jährliche mittlere Temperaturen in Luxemburg von 1838 bis 2020 (in°C, Rohdaten)



*Fir de Klimawandel gëtt d'Moyenne ëmmer iwwer 30 Joer geholl (blo Linnen). Et gesäit ee kloer, dass dës Moyenne vun 1860 u geklomme sinn: vun 8,3°C (1861-1890) bis op 9,9°C (1991-2020).*

## Méi Wiederextremer

Méi waarm a ficht Loft, bedeit méi Energie an der Atmosphär, also méi eng héich Warscheinlechkeet fir fatzeg Donnerwieder a schroe Reen.

Eng Rei Awunner vun eisem Kanton hunn an de leschte Jore schonn dierfte mat dësem „Staarkreen“ - wéi e Reen dee mat méi wéi 20 Liter pro Quadratmeter bannen enger hallwer Stonn fällt - Bekanntschaft maachen.

Mee och d'Bauern an déi vun eis, déi ee Gaart hunn oder an d'Bëscher spadséiere ginn, hu gemierkt, dass di leschte Summeren extrem dréche waren an d'Planzen drënner gelidden hunn.



Staarkreen zu Iewerleng de 9. Juni 2018 op der Haaptstrooss  
© Archives Gemeng Useldeng



Begrünung vun der Haus-Fassade dréckt d'Temperatur erof - Source: SICONA

## Nieft der CO<sub>2</sub>- Reduktioun, stinn elo och Klima-Upassungen un

Och wann d'ganz Welt sech endlech vun elo un immens géif ustrengte fir eis Zäregas-Emissiounen drastesch ze reduzéieren, komme mir net méi derlaanscht eis un de Klimawiessel unzepassen. Dozou gehéiert och méi Gréngs an de Siidlungen, Waasserschutz, anescht Bauen, ...

## Kleng Ënnerscheeder bedeite grouss Konsequenzen

Eng Erhéijung vun 2 Grad (Zil vum Paräisser Ofkommens) kléngt no net vill, et muss een awer wëssen, dass bei der leschter Äiszeit d'Temperatur am Duerchschnëtt nëmme 5 Grad ënnert där vun haut louch. Deemools war 1/3 vun eiser Äerdiwwerfläch mat enger kilometerdécker Äisschicht bedeckt, déi bis a Norddäitschland gong.



Dréche Summeren vun der leschte Joren - Source: br.de



Klima Lëtzebuerg 2050 = Klima San Marino 2019? Source: wikimedia commons

## D'Klima 2050 zu Lëtzebuerg

Eng Schwäizer Etüd huet Klima-Vergläicher vu Stied opgestallt a laut där soll d'Klima 2050 zu Lëtzebuerg deem haitege Klima vu San Marino entsprechen: also méi waarm a manner Nidderschlag.

## Och bei eis spiert a gesäit een elo schonn de Klimawiessel

Am Kanton Réiden si mir bis elo nach zimlech verschount bliwwe vu schlëmme Wiederextremer. An awer sinn di éischt Unzeeche schonn ze spieren.

Fir dës Editioun hu mir mat verschiddeenen Experten aus eisem Kanton geschwat. Si hunn eis opgekläert iwwert hier Observatiounen am Gaart, an der Landwirtschaft an am Bësch.

## Interesséiert? Mellt Iech bei eis!

Wann Iech dëst Thema interesséiert oder Dir eis Är Iddien oder Erfarunge wëllt matdeelen, mellt Iech gäre bei eis. De Kanton schafft de Moment un enger Upassungs-Strategie a géing sech iwwer all Beitrag vun Iech freeën.

Mir soen Iech Merci!



**INFOSTUFF**  
Syndikat De Réidener Kanton

Caroline Schmit  
43, Grand-Rue  
L-8510 Réiden  
T +352 26 62 08 01 22  
klima@klima.lu  
www.klima.lu

# DE BËSCH AM WANDEL

De Serge Hermes ass Fierschter an der Gemeng Rammerich a Responsabel vum Naturerliewniszentrum Burfelt.



Serge Hermes


## Hutt Dir well Auswierkunge vum Klimawies-sel an äre Bëscher ze spiere krut? Wéi mécht sech dëst bemierkbar?

De Joresnidderschlag ass hei um Rammericher Plateau an de leschte Joren zrëckgaangen: soss louche mer am Duerchschnëtt bei ronn 1000 mm pro Joer. Di leschte Jore sinn et der däitlech manner (cf. Grafik). Gläichzäiteg ass och d'Joresduerchschnëtts-Temperatur erop gaang, wat Auswierkungen op d'Waasserverdonstung mat sech bréngt. Dëst bedeit ee grouesse Stress fir eis Beem, déi zum Deel schonn 140-180 Joer an eise Bëscher stinn (Laafbeem). D'Blieder ginn, als Reaktioun, ze fréi ofgeworf a wann dësse Stress iwwer Joren unhält, da stierwen d'Beem of.

## A wéi wann dat alles net géing duergoen, kënt da nach de Borkenkeefer derbäi ...

De Borkenkeefer-Befall beim Nolenholz, a speziell bei de Fiichten, ass nëmmen eng Konsequenz vum Klimawies-sel. De Bam ass duerch d'Hëtzt an Dréchent esou ofgeschwächt, dass e keng Kraaft méi huet fir géint de Keefer ze „kämpfen“. Et ass wéi wann een z.B. iwwer Joren ëmmer ze vill Zocker zou sech hält: am Ufank verdréit eise Kierper dat nach ouni Weideres, mee iergendwann streikt en an d'Krankheete fänken un. Bleift awer ze bemierken, dass et sech bei der Fiicht ëm eng Bamaart handelt, déi aus den alpine Regiounen staamt an där hire natierlechen Optimum ebe bei engem méi héije Joresnidderschlag respektiv méi niddrege Joresduerchschnëtts-Temperatur läit.

## Cumul annuel de pluie Holtz-AGE



Dës Beem si vum Borkenkeefer befall a gi stoe gelooss soulaang se keng Gefor fir Mënschen duerstellen.





D'Strategie: ewech vun der Monokultur mat Nolebeem (lénks) hin zum eenheemesche Mëschbësch mat Laafbeem (riets)

### Wat ass Är Strategie an dësem Klimawissel?

Eis Strategie ass haut eng aner wéi virun e puer Joerzénge. Mir schwätze vun engem adaptive Bësch-Management, also enger naturnoer integrativer Virgoensweis. Dat heescht: Ausnutzung vun natierleche Prozesser (biologische Automation) an de Bësch méi sech selwer iwverloossen.

Eis Strategie ass doriwwer eraus fir déi ugeschloen oder ofgestuerwe Beem stoen ze loossen, natierlech nëmme wann se keng Gefor duerstellen. Woumat gläichzäitig och den Al- & Doudholzdeel an eise Bësch klëmmt. Reng Nolebestänn gi lues a lues a Mëschbestänn mat Laafbeem (Naturverjüngung) iwverfouert. D'Doudholz bréngt d'Beschattung vum Bëschbuedem mat a verbessert gläichzäitig d'Wasser-Retentioun an d'Biodiversitéit am Bësch. Holz späichert nämlech während der Zersetzungsphase enorm Quantitéiten u Waasser.

### Dat heescht, dass manner Holz aus eise Bëscherausgeholl gëtt?

Natierlech notze mir och weiderhin dee wäertvollen erneierbare Rohstoff Holz.

Mir konzentréieren eis heibäi awer virun allem op d'Förderung vu Wäertholzbeem (eenzel Prachtexemplaren), déi dann och schlussendlich genotzt ginn. Eise Management soll sech also op dat aller Weesentlechst beschränken. De Bëschbuedem bleift soumat, dank enger Dauerbestockung, ëmmer „à l'abri“. Et ass deemno eng Erausforderung fir ee gesonden Equiliber tëscht den ökologischen, ekonomischen a soziale Leeschtunge vum Bësch ze fannen, woubäi bei allen Entscheidungen, de Klimawandel a seng Konsequenze musse mat abezu ginn.

## Eis Bësch, ee wichtige Partner am Klimaschutz



### Wéi vill CO<sub>2</sub> hëlt ee Bam a sengem Liewen op?

Pro Joer bënnt eng Buch ronn 12,5kg CO<sub>2</sub>. Fir 1 Tonn CO<sub>2</sub> mat Beem ze kompenséieren, musse mir also 80 Bichebeem planzen. Ee lëtzebuergeschen Diesel-Auto fiert pro Joer an der Moyenne 15.000 km. Op där Distanz gi ronn 3 Tonnen CO<sub>2</sub> ausgestouss. Wa mir déi kompenséiere wëllen, da musse mir 240 Bichebeem planzen! Dowéinst, all Kilometer, dee mir ze Fouss oder mam Vëlo am Plaz vum Auto machen, deet net nëmme eisem Kierper, mee och dem Klima gutt!

### Huelen eis Bësch an der Zukunft manner CO<sub>2</sub> op?

Duerch di héich Temperaturen an de Waassermangel vun de leschte Summeren, sinn eis Beem ofgeschwächt. Si wuessen doduerch méi lues a banne manner CO<sub>2</sub>. Dacks gi si dann nach vu Schädlingen ugegraff, wat dann zu hirem Doud féiert. Bei hirer Zersetzung gëtt de Kuelestoff rëm als CO<sub>2</sub> fräi gesat.

Deemno ass et immens wichtig, dass d'Bësch weltwäit net ofhuelen, dass se gesond sinn (genuch Schied, Biomass, aktive Buedem) fir dass se de neie klimatesche Verhältnisser beschtens kënne trotzen. Nëmme esou hëllef si di iwverschësseg Emissiounen vun eis Mënschen aus der Atmosphär erauszuhuelen an de Klimawissel ze bremsen.



240 Beem planzen

**An der nächster Synergie, erkläert de Serge Hermes eis nach firwat eis Bësch méi „wëll“ drakucken a wéi de Bësch vu muer kéint ausginn.**

# DE GAART AM WANDEL

Interview mam Jos Bormann vu Rëmmereg, Gesellendiplom als Geméisgärtner, fréier Dir.-Adj. an der Akerbauschoul



Jos Bormann



Firwat net dem Luuchtepoteau nach eng aner Fonktioun ginn?  
Source: doyouwesi.de



Reewaasser sammele fir méi dréchen Zäite - Source: pixabay

## Hutt Dir well Auswierkunge vum Klimawies- sel an ärem Geméisgaart ze spiere krut?

De Klimawiesel schéngt do ze sinn. D'Sum- merméint 2019 an 2020 waren ze waarm a ze dréchen. D'Gromperen hunn dat verdroen. Mee, di gréng Bounen hu speziell 2019 an och 2020 an der Hëtzt an Dréchent vill Bléien of- gestouss. 2020 huet de Kabes am Juli an Au- gust de Wuesstem ganz agestallt. Wéi et am Hierscht manner waarm gouf an et rëm ge- reent huet, ass e weider gewuess.

U ville Planze gouf et Blattlais, déi sech bei waarmen Temperature besser multiplizéieren.

## Wat kann ech a mengem Gaart doheem maache fir mech dësem Klimawiesel unzepas- sen?

Wichtig ass ee gesonde Buedem mat vill Liewen, deen d'Waasser späichere kann. Dofir muss de Buedem räch un Humus sinn. Humus kann ee mat Kompost, Blieder oder Mësch selwer produzéieren an an di iewesch Bue- demschicht amëschen. Dat ass besser wéi Torf a synthetesch Dünge.

Ouni Waasser gëtt et natierlech kee Geméis. Wëll d'Waasser awer am Summer oft knapp gëtt, musse mer kucke fir Reewaasser opzefän- ken. All Dréps Waasser soll spuwersam agesat ginn: d'Planzen eenzel geïssen, Tröpfchen- a Wuerzelbewässerung amplaz Beregnung. Den Ubau kann och mat dofir gëeegenten Aarten an di méi kill a ficht Zäite verlagert ginn.

Gutt ass et sech un der Permakultur ze orien- téieren.

## Wéi eng Planze si besser ugepasst un dëst Klima?

Méi hëtzetolerant si Geméisaarte mat laanger Vegetatiounszäit, déi Wuerzelen oder Knolle bilden, sou wéi méijährig Aarte wéi Muerten, Pastinaken, rout Rommelen, Mangold, Kichekraider an all d'Zwiwwelaarten.

Gutt fillen sech natierlech a méi waarmen Temperaturen Tomaten, Paprika, Chili an Au- berginnen. Et wäerten och Sorten op de Maart kommen, déi net souvill Wasser brauchen an d'Hëtzt besser verdroen.



Geméisorten, déi frou si mat engem waarme Klima  
Source: pixabay

## Wéi kann ech mech als Konsument an der Geméisproduktioun positiv erabrëngen?

Ech gesinn do flott Usätz. Eng Rei Bauere bauen sech mat der Geméisproduktioun en zweet Standbeen op. Um Land schéngen d'Leit dorop anzegoen. Et ass dach flott a gesond e puer Mol an der Woch e puer Meter ze Fouss frëscht Ge- méis akafen ze goen. All Duerf kënn sou ee Produzent gebrauchen.

## Wat kënnen de Staat an d'Gemenge maache fir d'Upassung ze begënschtegen?

D'Gemengen hu scho vill Gréngs. Mee wou- fir net emol laanscht d'Luuchtepotto Wan- tergréng wuesse loossen? D'Gemenge kënnen och méi op Flaachdiecher setzen a finanziell Ureizer schafe fir dës Diech an och d'Fassaden ze begrëngen.

## Wat wënscht Dir Iech an dësem Sënn fir d'Zukunft?

Ech wënschen, dat vill Leit sech der Aufgab ver- flicht fillen, selwer eppes géint de Klimawiesel ze maachen, an deem se Gréngs ronderëm an um Haus upflanzen, dat zu manner CO<sub>2</sub> an zur Verdonstung a sou zur Ofkillung bäidréit. Do- fir hoffen ech awer och, dat di kontraproduktiv Schottergärt rëm séier verschwannen.

# D'LANDWIRTSCHAFT AM WANDEL

Interview mam Theo Linden, dee mat senger Fra ee landwirtschaftleche Betrib zu Rächel bedreift.



Theo Linden

## **Hutt Dir well Auswierkunge vum Klimawies-sel an ärem landwirtschaftleche Betrib ze spiere krut?**

Virun allem sinn di leschten 10 Joer d'Ertrag, haaptsächlech vum Gréngland, méi onbestänneg ginn. Dëst heescht, datt d'Variatioun tëschent de Joren zouhëlt, an den Ertrag insgesamt ofhëlt.

Tendenziell gëtt et am Fréijoer a Fréisummer méi dréchen an och méi waarm, wouduerch d'Planze sech net esou gutt entwéckelen.

## **Wéi kënnt Dir Iech dësen Auswierkungen upassen?**

Mir hunn de Véibesaz pro Hektar reduzéiert a probéieren am Feldfudder duerch aner Sorten, di manner Waasser brauchen den Ertrag ze stabiliséieren. (Luzerne amplaz Kléi, Knaulgras amplaz Raygras ...). Leider ass dat um Dauergréngland nit méiglech.

Mir hunn eng Heedréchenanlag kaf fir méi Hee kënnen ze maachen. Hee huet par rapport zu Silage de Virdeel, dass een et besser iwwe länger Zäit versuerge kann. Mir kënnen also ee Stock maache fir Enkpäss am Joer drop auszegläichen.

Mir probéieren den Humusgehalt an de Biedem eropzesetzen, well doduerch méi Waasser gespäichert ka ginn. Dat ass awer schwiereg ze steieren, well d'Wieder all Joer anescht ass.

## **Wéi gesäit d'Zukunft vun eiser Landwirtschaft zu Lëtzebuerg aus? Wat sinn d'Erausfuerderungen?**

Den Ertrag geet erof, d'Käschte ginn an d'Luucht. Kontraproduktiv Oploe vun de Verwaltungen huelen zou, d'Zuel vun de Betriber geet zréck, an déi Betriber, déi iwwe lieue gi méi grouss. Vun der Landwirtschaft lieue gëtt ëmmer méi schwéier.

Et kommen awer och nei Sorten op de Maart, déi besser un di nei Konditiounen ugepasst sinn. Et ginn aner Bewirtschaftungskonzepter entwéckelt, déi méi Waasser kënnen spueren. Et kënnen och ganz nei Kulturen ugebaut ginn, well et mi waarm gëtt.

Et wäert spannend an erausfuerderend bleiwen!



Ënnert der Dréchent vum leschte Summer hunn d'Wise gelidden.



Ee Buedem mat vill Humus a Lieue ka méi Waasser späicheren an ass esou méi resilient.

Source: Pixabay

## **Wéi kann ech mech als Konsument positiv erabrénge?**

Ech géif mir wënschen, dass de Konsument de Kontakt mat de lokale Produzente sicht, an Interessi fir d'Problemer weist, vläicht esouguer lokal déi Produkter keeft, déi ënnert den neie Bedingunge gutt ze produzéieren sinn.

# VERKAF VU LOKALE LIEWENSMËTTEL

## AM KANTON RÉIDEN

### Gemeng Biekerich

#### Biekerecher Geméisgaart

Ellerwee - Biekerich  
T +352 691 197 748

Saisonal Abo mat  
Geméis-Kierf,  
Fräiverkaf  
Mee - November  
Dënschdes-Samschdes  
8.00-12.00 Auer



#### Hemmerhaff

36, Réidenerwee  
Uewerpallen  
www.hemmerhaff.lu

Buttik um Haff mat Geméis,  
Méllech, Eeër



#### Kooperativ Vun der Atert

www.vunderatert.lu

Saisonal Abo mat  
Geméis-Kierf &  
Fleesch-Këschten



#### Leeweler vun der Wiss

Self-Service Stand:  
43, Dikrecherstrooss  
Biekerich  
T +352 661 881 204

Eeër, Geméis, Gebeess,  
Gromperen, ...



#### Wildwildwest Beef

Self-Service Stand:  
7, Schmitzgässel - Hovelange  
T +352 621 25 52 72

Eeër, Fleesch, Gromperen,  
Ënnen



### Gemeng Ell

#### Koulbicher Uebst a Geméis

Self-Service Stand:  
48, Aline an Emile  
Mayrischstrooss  
Uewerkolpech  
T +352 621 629 300

Eeër, Geméis, Uebst,  
Gromperen



### Gemeng Préizerdaul

#### Rëmmereger Geméis an Neipéitsch

Self-Service Stand:  
16, rue St. Roch  
Reimberg

Geméis, Uebst, Gromperen,  
Eeër



### Gemeng Réiden

#### Méllech Tankstell Sangers-Majerus

Self-Service Stand:  
1, rue de Redange  
Niederpallen

Méllech, Gromperen



**Klimateam Réiden**  
Caroline Schmit  
43, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert  
T +352 26 62 08 01 22  
klima@klima.lu  
www.klima.lu


**Produzéiert och Dir Liewesmëttel am Kanton Réiden  
fir den direkte Verkaf?**

Schreift eis w.e.g. op [shoplocal@reidener-kanton.lu](mailto:shoplocal@reidener-kanton.lu)

# News

**Votre machine à laver ne fonctionne plus?  
Pouvez-vous la faire encore réparer ou  
devez-vous en acheter une nouvelle?**

- › Alors profitez d'une prime de 100 € sur votre nouvel appareil et maintenant tout nouveau: une prime allant jusqu'à 100 € pour la réparation d'un appareil A+++\*



\* Le formulaire et les conditions détaillées peuvent être retrouvés sur notre site [www.energieatelier.lu](http://www.energieatelier.lu)

## Réfrigérateur, congélateur, combiné **A+++**

100 € (nouvel appareil)

jusqu'à 100 € (max 50% de la réparation)

## Machine à laver **A+++**

100 € (nouvel appareil)

jusqu'à 100 € (max 50% de la réparation)

## Sèche-linge **A+++**

100 € (nouvel appareil)

jusqu'à 100 € (max 50% de la réparation)

## Lave-vaisselle **A+++**

100 € (nouvel appareil)

jusqu'à 100 € (max 50% de la réparation)

## Conditions

- › Seulement pour les habitants du canton de Redange
- › Appareils A+++
- › Les anciens appareils doivent être recyclés (commune, Sidec, électricien)
- › La prime peut être demandée une fois tous les dix ans par appareil
- › La facture ne doit pas dater de plus d'un an

**INFOLINE**  
**26 62 16 48**

[primes@energieatelier.lu](mailto:primes@energieatelier.lu)

L'Energieatelier, un service du canton de Redange



**KlimaPakt**  
meng Gemeng engagéiert sech

Find us on 

[www.energieatelier.lu](http://www.energieatelier.lu)



PORTRAIT CLAUDE LOUTSCH

# SCHWÉNGEFLEESCH VUM HUEWELER FIERKELSHAFF

Den Hueweler Fierkelshaff steet fir eng fair a lokal Partnerschaft tëscht Konsument a Bauer. Bei mir krit Dir op Wonsch d'Schwäin an d'Fierkel fäerdeg verschafft.





Menge Schwäi soll et gutt goen. An am léifsten nach besser! Dat ass awer mam permanent falende Marchéspräis ganz schwéier bäizehalen. Mir brauchen dofir zukunftsorientéiert Léisungen, déi nëmmen zesumme mam Konsument ëmzessezette sinn. Meng Propose: Kaaft d'Schwéngfleesch direkt bei mir um Haff, zu engem fairen a solidaresche Präis! Esou investéiert Dir direkt an d'Zukunft vun eisem Haff an an de Komfort, d'Wuelbefannen an an d'Qualitéit vun eise Fierkel a Schwäin. 50 € pro Schwäin an 10 € pro Fierkel, wat Dir bei mir kaaft, fléissen integral an ouni Ëmweeër nees zréck an den Hueweler Fierkelshaff. Als Géigelleschtung hu Dir eng topp Qualitéit u Schwéngfleesch, an d'Gewëssheet, nitt nëmmen eisem Fierkelshaff, mee och anere Partner-Betriber, eng méi stabil Zukunft z'erméiglechen.

### **Fierkelshaff d'Hovelange propose de la viande de porc & de porcelet**

*Le bien-être de nos cochons me tient particulièrement à cœur. Garantir un élevage digne et dans des conditions optimales, se voit être difficilement maintenable avec des prix du marché toujours revus à la baisse. Des solutions orientées vers le futur ne peuvent que naître en collaboration étroite entre le producteur et le consommateur. Ma proposition: Achetez la viande de porc/porcelet directement chez moi à la ferme et ceci à un prix équitable, solidaire et raisonnable. 50 € du prix de vente d'un porc et 10 € d'un porcelet sont intégralement réinvestis dans le „Fierkelshaff“ de Hovelange. En adoptant et favorisant ce système, vous profitez non seulement d'une viande porcine de haute qualité, mais vous soutenez votre fermier, ainsi que tous les partenaires agricoles participants, afin de leur assurer un avenir un peu plus stable.*

## **Commande**

### **Schwäin**

Ganz, hallef oder am Colis

#### **Classic Package**

Verschnidden, onverpaakt, prêt à cuisiner  
Schnitzel, Ragoût, Filet Mignon, Still- an Juddkotletten, Broten, More Speck an Tranchen natur, Rëppercher, Jarret ganz oder Tranchen, Gehacktes natur oder gewierzt

#### **Delux Package**

Verschnidden, sousvide, prêt à cuisiner  
idem wéi Classic PAKET  
+ Wäinzoossiss, Bauerepaté, Bauregelli

#### **Grill Spezial**

Verschnidden, sousvide, prêt à cuisiner  
Broten am Netz, Ragout marinéiert, Filet Mignon, Holzfällersteaks marinéiert, Kotletten marinéiert, Spareribbs marinéiert, Schnitzel (Bifana), Grillspeck, Jarret marinéiert, Grillwurscht, Mettwurscht, Bauerpaté, Bauregelli

#### **Ee ganz fir selwer ze verschneiden**

Ofzehuelen am Schluechthaus zu Ettelbréck

### **Fierkel**

Ganz oder hallef - Emmer disponibel

#### **Fierkel Classic Package**

Verschnidden, onverpaakt, prêt à cuisiner  
Fierkelshämchen, Fierkelsschëller, Fierkelskotletten, Rullbrot vun der Broscht oder Spareribbs, Hals/Kapp/Féiss fir Gelli selwer ze machen

#### **Fierkel Delux Package**

Verschnidden, verschafft a sousvide verpaakt, prêt à cuisiner  
Fierkelshämchen, Fierkelsschëller, Fierkelskotletten, Rullbrot vun der Broscht oder Spareribbs, Fierkelsgelli

#### **Fierkel Grill Spezial**

Verschnidden, verschafft a sousvide verpaakt, prêt à cuisiner  
Fierkelshämchen an Tranchen marinéier, Fierkelsschëller marinéiert am Netz, Fierkelskotletten marinéiert, Spareribbs marinéiert, Fierkelsgelli

#### **Ee ganz fir selwer ze verschneiden**

Ofzehuelen zu Huewel

### **Commande**

Whatsapp: 691 323 937

fierkelshaff@gmail.com

**Tariffer:** [f](#) fierkelshaff.lu



Marcel Barros (Grüne Kommission, Gemeinde Mertzig), Fons Jacques (Leader Atert-Wark), Patrick Kolbusch (Group Oikopolis Luxembourg), Raymond Aenderkerk (GWÖ-Lëtzebuerg Asbl), Mike Poiré (Bürgermeister, Gemeinde Mertzig), Gérard Anzia (Leader Atert-Wark, Op der Schock Asbl, Sicono-Centre), Stefano D'Agostino (Schöffe, Gemeinde Mertzig), Isabelle Elsen-Conzemius (Schöffin, Gemeinde Mertzig), Gregor Waltersdorfer (GWÖ-Berater) - © Fränk Henkes

# MÄERZEG, éischt „GWÖ-GEMENG“ ZU LËTZEBUERG


#Mertzig4all - Eng Gemeng fir jiddereen // #Gemeinwohl-Ökonomie -  
#GWÖ - #Leader // [www.ecogood.org](http://www.ecogood.org)

Nach fast zweijährigem Prozess hat die Gemeinde Mertzig seine erste Gemeinwohlbilanz nach der Matrix des Wirtschaftsmodells der Gemeinwohl-Ökonomie (GWÖ) erstellt und wurde am 4. Dezember 2020 vom internationalen GWÖ-Auditor Bernhard Oberrauch aus Bozen (Italien) offiziell zertifiziert.

Durch die Covid19-bedingten Einschränkungen konnten leider nur einige Gäste bei der Abschlussveranstaltung vor Ort sein. Der Auditor war live zugeschaltet. Christian Felber, GWÖ-Initiator, und Antje von Dewitz, GWÖ-Botschafterin, übermittelten ihre Kommentare und Glückwünsche digital. Die Konferenz wurde im Internet live „gestreamt“ und ist komplett abrufbar unter folgendem Link: [www.mertzig.lu/mertzig4all/gemeinwohl](http://www.mertzig.lu/mertzig4all/gemeinwohl).

Diese erste GWÖ-Bilanzierung, die Organisation der Workshops und den Kontakt mit der internationalen Organisation verdankt Mertzig dem GWÖ-Berater Gregor Waltersdorfer, der die Gemeinde während dem gesamten Prozess begleitet hat: „In dem Prozess wirkten 22 engagierte Bürger, Kooperationspartner, Interessierte und Gemeinde-Bedienstete mit. So entstand der Gemeinwohl-Bericht, der alle erwähnten Maßnahmen vom Bau neuer Infrastrukturen, über Kooperationen, und der Sensibilisierung und noch viele mehr strukturiert. Die Gemeinde Mertzig weiß damit wie sie noch besser zum Gemeinwohl beitragen kann. Zum Abschluss überprüfte ein Auditor den Bericht und bewertete die Gemeinwohl-Maßnahmen. Das macht Mertzig zur ersten Gemeinwohl-Ökonomie Gemeinde Luxemburgs.“





Live Graphic Recording von Katy Fox (mycelium) - © Fränk Henkes

Der GWÖ-Bericht der Gemeinde Mertzig, abrufbar in deutscher und französischer Sprache auf der Internetseite der Gemeinde, zeigt anhand von 25 Hauptkapiteln den Beitrag der Gemeinde zum Gemeinwohl. Die zentrale Frage pro Kapitel lautet: Wie lebt die Gemeinde den Gemeinwohl-Wert (1 bis 5) gegenüber ihrer Berührungsgruppe (A bis E):

**Gemeinwohl-Werte:**

1. Menschenwürde
2. Solidarität
3. Ökologische Nachhaltigkeit
4. Soziale Gerechtigkeit
5. Transparenz und Mitbestimmung

**Berührungsgruppen:**

- A. Lieferant\*innen
- B. Finanzpartner\*innen
- C. Mitarbeiter\*innen
- D. Bürger\*innen und Wirtschaftsakteure
- E. Gesellschaftliche Umfeld

Um diese Frage zu beantworten wurde in den Workshops ermittelt welche Maßnahmen die Gemeinde in den letzten Jahren ergriffen hat und wie sie den Fortschritt messen will. Daraufhin wurde sie eingestuft auf folgender Bewertungsskala:

Bewertungsstufe	Punkte	Beschreibung
Vorbildlich	7 bis 10	Die Gemeinde ist Ideengeber und hat innovative Ideen umgesetzt.
Erfahren	4 bis 6	Die Maßnahmen sind evaluiert und zeigen gute Ergebnisse.
Fortgeschritten	2 bis 3	Die Gemeinde hat erste Maßnahmen umgesetzt.
Erste Schritte	1	Die Gemeinde zeigt einen guten Willen, setzt sich mit dem Thema auseinander und plant erste Maßnahmen.
Basislinie	0	Die Gemeinde hält sich an die Gesetze.
Risikobehaftet	Negativ-Punkte	Es bestehen (hohe) Risiken und es wurden noch keine Maßnahmen eingeleitet.



Mike Poiré (Bürgermeister), Isabelle Elsen-Conzemius (Schöfvin), Stefano D'Agostino (Schöffe), Gregor Waltersdorfer (GWÖ-Berater)  
© Fränk Henkes

**Le reportage sur l'Économie pour le Bien commun est disponible en langue française sur le site internet de la Commune: [www.mertzig.lu/mertzig4all/gemeinwohl](http://www.mertzig.lu/mertzig4all/gemeinwohl)**



Der Auditor kontrollierte die Angaben im Bericht und nahm die endgültige Bewertung vor. Die folgende Übersicht zeigt die durchschnittliche Bewertung in den 25 Hauptkapiteln:

Werte Berührungsgruppen	Menschenwürde	Solidarität	Ökologische Nachhaltigkeit	Soziale Gerechtigkeit	Transparenz & Mitentscheidung	Mittelwert
<b>A Lieferant*Innen</b>	A1 Grundrechtsschutz und Menschenwürde in der Lieferkette	A2 Nutzen für die Gemeinde	A3 Ökologische Verantwortung für die Lieferkette	A4 Soziale Verantwortung für die Lieferkette	A5 Öffentliche Rechenschaft und Mitsprache	
	1,0 P	2,0 P	1,0 P	4,0 P	2,0 P	<b>2,0 P</b>
<b>B Finanzpartner*innen, Geldgeber*innen, Steuerzahler*innen</b>	B1 Ethisches Finanzgebaren / Geld und Mensch	B2 Gemeinnutz im Finanzgebaren	B3 Ökologische Verantwortung der Finanzpolitik	B4 Soziale Verantwortung der Finanzpolitik	B5 Rechenschaft und Partizipation in der Finanzpolitik	
	0,0 P	3,0 P	3,0 P	2,0 P	0,0 P	<b>1,6 P</b>
<b>C Politische Führung, Verwaltung, koordinierte Ehrenamtliche</b>	C1 Individuelle Rechts- und Gleichstellung	C2 Gemeinsame Zielvereinbarung für das Gemeinwohl	C3 Förderung ökologischen Verhaltens	C4 Gerechte Verteilung von Arbeit	C5 Transparente Kommunikation und demokratische Prozesse	
	2,3 P	3,0 P	1,7 P	3,5 P	3,0 P	<b>2,7 P</b>
<b>D Bevölkerung und Wirtschaft</b>	D1 Schutz des Individuums, Rechtsgleichheit	D2 Gesamtwohl in der Gemeinde	D3 Ökologische Gestaltung von öffentlichen Leistungen	D4 Soziale Gestaltung der öffentlichen Leistung	D5 Transparente Kommunikation und demokratische Einbindung	
	2,0 P	3,0 P	2,5 P	3,0 P	3,0 P	<b>2,7 P</b>
<b>E Staat, Gesellschaft, Natur</b>	E1 Gestaltung von Bedingungen für ein menschenwürdiges Leben, zukünftige Generationen	E2 Beitrag zum Gesamtwohl	E3 Verantwortung für ökologische Auswirkungen	E4 Beitrag zum sozialen Ausgleich	E5 Transparente und demokratische Mitbestimmung	
	2,3 P	2,3 P	2,7 P	3,0 P	3,0 P	<b>2,7 P</b>
<b>Staatsprinzipien des Gemeinwohls</b>	<b>Rechtsstaats-Prinzip</b>	<b>Gemeinnutz</b>	<b>Umwelt-Verantwortung</b>	<b>Sozialstaats-Prinzip</b>	<b>Demokratie</b>	
Mittelwert	<b>3,2</b>	<b>2,6</b>	<b>3,5</b>	<b>4,4</b>	<b>2,8</b>	

In seinem Statement bei der Abschlussveranstaltung lobte der Auditor Mertzig als Gemeinde, die gut zuhören kann und die sich Zeit nimmt die Bedürfnisse der Bewohner\*innen zu erfassen. Außerdem erlebte er Mertzig als kreative und offene Gemeinde. Im internationalen Vergleich hob der Auditor Bernhard Oberrauch unter anderem die folgenden good practices (gute Praxis) hervor: die Reinigung des Gemeindeamtes und der Fußballumkleiden durch Menschen mit Beeinträchtigung durch „Op der Schock Asbl“; die aktive Bodenpolitik durch Kauf von Grundstücken zur Verbesserung der Biodiversität und für den sozialen Wohnbau; die Givebox, das Bücherregal und den Grillplatz als soziale Treffpunkte.

Das alles geschah nicht alleine. Die Gemeinde Mertzig ist stark vernetzt in der Region, sucht Kooperationen, bündelt Kräfte und schafft so Synergien. Ein wichtiger Partner ist die Leader-Gruppe Atert-Wark wo Mertzig neben den 10 Gemeinden des Syndikats „Réidener Kanton“ die 11. Mitgliedsgemeinde ist. #Mertzig4all war so auch ein Leader-Projekt! Dank Leader

bekommt das Schaffen der Gemeinde auf Basis dieses Wirtschaftsmodells so mehr Visibilität in der Region.

Fons Jacques, Leiter der LEADER-Gruppe Atert-Wark: „Bei der Gemeinwohl-Ökonomie ist wie bei vielen anderen Prozessen der Weg das Ziel, denn Grundwerte wie Basisdemokratie und Solidarität lassen uns nur durch immer wieder angewandtes Training in eine menschlichere Gesellschaft hinführen. Darum ist Mertzig als Gemeinde zu beglückwünschen für diese Vorreiterrolle die sie hier sowohl für Luxemburg als für das Wohl ihrer Bürger und Bürgerinnen einnimmt. Wie bei LEADER spielt der Prozess von unten hierbei eine tragende Rolle.“

Die Gemeinde Mertzig bedankt sich bei der LEADER-Gruppe, allen Mitarbeitern, den Partnern, den Workshop-Teilnehmern und letztendlich den Bürgern der Gemeinde für die Unterstützung und Zusammenarbeit: #Mertzig4all.



**Gemeng Mäerzeg**  
22, rue Principale  
L-9168 Mertzig  
T 83 82 44-1  
commune@mertzig.lu  
www.mertzig.lu





Office Social Canton de Redange



Syndicat Intercommunal « De Réidener Kanton »

### Aktioun Kannerwonschbam 2020

D'Leit aus den 10 Gemengen vum Kanton Réiden hunn och dëst Joer erëm e groust Häerz bewisen a matgemaach bei der 5. Aktioun vum Kannerwonschbam, sief et duerch e Kaddo oder een Don.



Ronn 130 Kanner hunn hiren Wonsch erfëllt kritt a konnten esou hiren Kaddo viru Chrëschttag am Office Social zu Réiden ofhuelen.



**VILLMOOLS MERCI!**





# MIKRO-PROJEKT „FAMILLJESTUFF“

im Rahmen des LEADER-Projekts „Sozialwierkstat Atert-Wark“

An alle Eltern der Region: Als Coordinatrice des Familienhauses, in dem ambulante unterstützende Angebote für Eltern und Kinder in Ospern angeboten werden, begegne ich während der schwierigen Zeit der Corona-Pandemie vielen Eltern, die in Sorge um ihre Kinder sind und im Alltag großem Stress ausgesetzt sind: sie müssen Homeschooling mit Home-office vereinbaren, fehlende Freizeitangebote ausgleichen, Ängste und Sorgen der Kinder alleine beantworten, und vieles mehr.



Sehr stark wirkt sich auf alle Eltern die fehlende Kraft von Familie, Großeltern, Nachbarn, Freunden, Kolleg/innen, Vereinsmitgliedern, des gesamten Netzwerks, ersetzt durch virtuelle Begegnungen, aus. Viele Eltern halten durch, und ich bin stark in Sorge, dass wir kennen das alle, in der Zeit, wo wir alle endlich durchatmen können, ein Zusammenklappen für viele Eltern sich breitmacht. Das Thema „**Burnout parental**“ ist mir sehr präsent.

In diesem Sinne wollen wir durch unser Projekt „Familjestuff“ hier entgegenwirken, Unterstützung anbieten, regionale Kohäsion wieder beleben.

Dieses Projekt sollte im März 20 starten, es wurde wie vieles durch die Pandemie ausgebremst. Aber wir werden es neustarten.

Ziel ist es, in unserem Familienhaus in Ospern, wie auch in den Maisons relais der Region Begegnungen und Austausch zwischen Eltern zu ermöglichen, dies in Unterstützung mit einigen Partnern (Maisons relais, Eltereschoul, regionale Partner mit ihrem Knowhow). Die Begegnungen sollen den Eltern ermöglichen, Erlebtes zu besprechen und Ideen auszutauschen, dies in unterstützender wertschätzender Atmosphäre.

Eltern sind Experten ihrer Kinder, sie haben meist das beste Verständnis für sie, aber sollen auch ihre eigenen Kräfte wieder aufladen können.

## **Beispiele von Themen, die in Vorbereitung sind:**

**Umgang mit Stress –  
Bewältigung des Alltags  
Ruhe und Gelassenheit**

Im Rahmen dieser Treffen wünschen wir uns einen offenen Austausch, wir sprechen alle Eltern an – solche die sich Unterstützung wünschen, solche die Unterstützung geben wollen, und vielleicht ergeben sich nachhaltige „Patenschaften“ von und für Eltern in unserer Region.

Pandemiebedingt können wir aktuell noch keine fixen Termine angeben, das Angebot ist jedoch ausgearbeitet, weitere Informationen werden lokal verbreitet, und natürlich kann jeder sich an mich wenden.





© Roger Thillens

Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

# INSEKTEN EINFACH ONERSETZLECH

## LES INSECTES: TOUT SIMPLEMENT INDISPENSABLES

Insekte sinn déi dominantst Liewesform op dësem Planéit. Oft genuch allerdéngs gesi mir hire Wäert net an si falen eis just op, wann si eis lästeg ginn.

*Les insectes sont la forme de vie la plus dominante sur terre. Trop souvent nous ne les apprécions pas à leur juste valeur et ne les voyons qu'au moment où ils nous embêtent.*





© Roger Thillens

## Aktuell Situatioun

D'Mënschheet beaflosst méi a méi déi natierlech Ëmwelt a verännert si no senge Virstellungen. Ëmmer méi rar ginn déi Plazen, wou de Mënsch net agräift. Dëst huet sech méttlerweil och op d'Insektewelt ausgewierkt. Den Umweltministär schafft dofir grad un engem nationalen Aktiounsplang fir d'Bestëbserorganismen.

### E puer Fakten:

- Bal 10% vun den Insekten sinn hei ze Lëtzebuerg, wéi och a ganz Europa, vum Austierwe bedreet.
- D'Zuel vun de fluchfäegen Insekten ass innerhalb vun 30 Joer ëm 75% zreckgaang.\*
- Méi wéi 90% vun de Seechomessenaarte si réckleefeg.\*
- Méi wéi een Drëttel vun eiser weltwäiter Ernierung baséiert op Kulturen, déi duerch Insekten bestëbst ginn.

### Zum Nodenken:

- Een haut 88-järegen huet als Kand honnerte vu Päiperleken opfléie gesinn, wann en duerch d'Wiese gelaf ass.

\* däitsch Studien

## Situation actuelle

L'influence des humains sur l'environnement est croissante et ils la modifient suivant leurs idées. Les zones restées vierges sont de plus en plus rares et ceci se répercute également sur le monde des insectes. Le Ministère de l'Environnement travaille actuellement sur un plan d'action national en faveur des pollinisateurs.

### Plusieurs faits importants:

- Presque 10% des insectes au Luxembourg, tout comme dans tout l'Europe sont menacés d'extinction.
- Le nombre d'insectes volants a chuté de 75% ces 30 dernières années.\*
- Plus de 90% des espèces de fourmis sont menacées.\*
- Plus d'un tiers de notre alimentation mondiale est basé sur des cultures qui sont pollinisées par des insectes.

### Ça fait réfléchir:

- Une personne octogénaire a vu, quand il était enfant, des centaines de papillons s'envoler quand il courait à travers une prairie.

\* études faites en Allemagne



© Jos Ney

## Liewensraum loossen

